N°1816
Entrée le 22.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.01.2025

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

Eng Famill, déi den Ament am Süden vum Land mat hirem schoulflichtege Kand wunnt, soll haut aus hirer ONA-Struktur erausgeholl ginn. D'Famill huet no eegenen Aussoen nach Demandë fir Openthaltsgeneemegungen op Basis vu berufflech Qualifikatiounen lafen, wobäi d'Mamm schonn eng Aarbecht am Beräich vun der Ästhetik hat an de Papp eng potenziell Aarbechtspropos virleien huet. D'Kand ass komplett an de Lëtzebuerger Schoulsystem integréiert a schwätzt Lëtzebuergesch. Et soll awer hei net em e spezifesche Fall goen, dee just e Systemwandel ënnersträicht.

Rezent administrativ Changementer, déi duerch d'Demissioun vun enger laangjäreger Staatsbeamtin ënnerstrach goufen, weisen op e systematesche Wandel an der Behandlung vun esou Fäll hin. Besonnesch kritesch ass den Ëmgang mat Famille mat Kanner an de Wanterméint. En Délais vun 5 Deeg fir eng ONA-Struktur ze verloossen erschéngt besonnesch problematesch fir Famille mat schoulpflichtege Kanner. Och wann een déi reng formaljuristesch Interpretatioun verstoe kéint, ass et och eng Fro vun Humanismus.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi rechtfäerdegt de Minister eng Délai vun nëmmen 5 Deeg fir eng Famill mat schoulpflichtege Kanner fir aus enger ONA-Struktur erauszeplënneren? Sachant datt e Geriichtsuerteel zum Beispill net esou genee plangbar ass.

2. Wéi vill Familljen mat schoulpflichtege Kanner goufen zanter dem 1. Januar aus ONA-Strukturen évacuéiert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten